# Wien sinn mir?

Mir sinn eng iwwerregional Survivorgrupp (18+) aus Lëtzebuerg an der Groussregioun. Eise Grupp besteet aus jonken Erwuessenen, déi am Kandsalter, als Jugendlecher oder jonk Erwuessener (bis 30 Joer) an iergendenger Form u Kriibs oder enger rarer Krankheet gelidden hunn. An eisem Grupp kënnen och Gesëschter a Partner vu "Survivors" mat maachen.

## Eis Missioun

- Sech mateneen iwwer praktesch Erfahrungen an Informatiounen ënnerhalen
- Sech regelméisseg gesinn
- Anere Betraffene Mutt maachen
- D'Leit "dobaussen" informéieren

Mir sinn an der Internationaler Survivorgrupp ICCSN (International Childhood Cancer Survivor Network) vertrueden, die vun der CCI (Childhood Cancer International) gegrënnt gouf. Eis Survivorgrupp gëtt vun der Elterevereenegung "En Häerz fir kriibskrank Kanner/ Jugendlecher a jonk Erwuessener" ënnerstëtzt, die säit 2000 effektiv Member vu CCI ass.

## Kontakt

Wéi kanns Du méi iwwer d'Jugend- a jonk Erwuesse-Reha gewuer ginn?

Schéck äis en E-Mail mat Denge Froen:
*survivors@kriibskrankkanner.lu*


**En Häerz fir kriibskrank Kanner/Jugendlecher a jonk Erwuessener asbl**

10, rue Helpert
L-8710 Boevange/Attert
Tel: +352 51 46 29-1

*www.kriibskrankkanner.lu*
*www.kriibskrankkanner.lu/survivors*


# Rehakliniken

## Katharinenhöhe (Schwarzwald)

Rehabilitatiounsklinik fir Kanner mat hirer Famill, Jugendlecher a jonk Erwuessener (Onkologie a Kardiologie)

*www.katharinenhoehe.de*

- 15 bis 17 Joer – Jugendreha
- 18 bis 22 Joer – junge Erwachsenen Reha
- 23 bis 28 Joer – junge Erwachsenen Reha

## Nachsorgeklinik Tannheim (Schwarzwald)

Rehabilitatiounsklinik fir Patienten an hir Famill fir d'Krankheetszorten Onkologie, Kardiologie a Mukoviszidos

*www.tannheim.de*
*www.jungereha.de*

- 16-21 Joer – Jugendreha
- 22-27 Joer – junge Erwachsenen Reha
- vu 27 Joer un – Ü27 Reha

## Bad Oexen (bei Bielefeld)

Fachklinik fir onkologesch Rehabilitatioun a Rehabilitatioun fir "duerno" (Onkologie)

*www.badoexen.de*
*www.badoexen.de/jugendreha/*
*www.jer-reha.de*

- 14 bis 18 Joer – Jugendreha
- 18 bis 32 Joer – junge Erwachsenen Reha
- 33 bis 50 Joer – 32 plus Reha


Impression: CTIE - Division Imprimés et Fournitures de bureau


LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

# Survivoren

## informéieren jonk Kriibspatienten

Reha fir Jugendlecher, jonk Erwuessener an 30+



Gestäerkt an d'Zukunft.
No vir kucken.




Dëse Projet ass vun den "Suvivoren" vun der Elterevereenegung "En Häerz fir kriibskrank Kanner/Jugendlecher a jonk Erwuessener" ausgeschafft ginn a gëtt vum Ministère fir sozial Sécherheet an vum Ministère fir Gesondheet ennerstëtzt.

# Conditioune

Du bass jonk an hues eng Intensivbehandlung mat-gemaach. D'Krankheet Kriibs ass fir elo alt emol gepackt. Ower et ass näischt esou wéi virdrun. Ob's Du elo mat kierperlechen Ännerungen ze dinn hues, ofhängeg, onsécher, behënnert, kierperlech schwaach, gefillsméisseg duerchernee bass, dech midd oder eleng fills, Angscht vrun der Zukunft oder Aarbechtslosegkeet hues…et ass Dir, wéi wann d'Follege vun der Krankheet Dech ëmmer nees erëmkriten.

Mir wëllen Dir bewosst maachen, dass Du eppes dogéint ënnerhuele kanns! Wien d'Krankheet gepackt huet, dee soll och mat hire Follege fäerdeg ginn, z.B. mat enger spezieller Jugend-Reha, enger Reha fir jonk Erwuessener, oder 30+ Reha!

## Conditioune fir eng Reha

- All jonke Mënsch vun op d'mannst 14 Joer bis den Alter vun 32 Joer.
- Fir déi iwwer 32 Joer (Ü32/33-50 Joer) besteet och eng Offer fir eng Reha.
- D'Reha fir déi Jonk an déi Erwuessen dauert 1 Mount a ka widderholl ginn.
- D'lëtzebuergesch Gesondheedskees kritt dee "certificat médical", si stellt dann de Formular S2 fir Dauer vun der Reha am Ausland aus an iwwerhëlt déi ganz Käschten vun der Reha.

D'Zäitpunkt fir eng Reha: Entweder direkt no der akuter Phase; 2-3 Joer méi spéit oder vill méi spéit, am Kader vum "Laangzäit-Versuergen" Programme.

*"D'Reha huet mir kloergemaach: ech sinn net eleng. Ech hu verschidde Mënsche kennegeléiert a ganz fest Relatiounen opgebaut, well mir jo dach alleguer duerch dat, wat mir matgemaach hunn, ganz anescht matenee verbonnen sinn. Et ass e immenst Gefill, ze wëssen, datt et Mënschen gëtt, déi een einfach verstinn, ouni vill Wierder, ouni ëmmer erëm nozefroen oder ze kritizéieren. Ouni d'Reha hätt ech dës wäertvoll Erfahrungen net gemaach."*

Franzi (22 Joer) Tannheim 2012

*"An der Reha ware Gläichgesënnter ronderëm mech, mat deenen ech offe schwätze konnt, an déi mech a meng Ängschte verstanen hunn…An der Gruppentherapie sinn ech iwwer mech selwer erausgewuess."*

Yves-Henri (26 Joer), Bad Oexen 2014

*"D'Reha war fir mech, wéi all Kéier, ganz schéin. Ech konnt d'Zäit genéissen a meng Séil bammele loossen."*

Johannes † (28 Joer, 1987-2016), Katharinenhöhe 2005, 2008 an 2014



Gründung vun der Survivorgrupp, Juli 2014

# Offerten

- Medezinesch Rehabilitatioun (z.B. medezinesch Behandlung; kierperlech Problemer oder Therapie-Suiten ofzeschwächen oder ewechkréien,…)
- Physiotherapie (z.B. Massagen, Elektrotherapie,…)
- Ergotherapie (Trainéiere fir Kraaft, Mouvement an Ausdauer,…)
- Eenzel- a Gruppegespréicher, Psychosozial Therapie, Sporttherapien, Konschttherapie, Reittherapie, Erliewenspädagogesch Therapie, Iess-Berodung
- De Wee fir erëm an d'Liewen: Schoul, Studium, Ausbildung, Beruffsberodung an -orientéierung
- Aktivitéite fir d'Fräizäit (z.B. mat Gruppen erausgoen, Sport ënnerdaach an dobaussen, kreativ Projetën)
- Entspanung (Meditatioun, Qi Gong, autogenen Training,…)

Déi verschidde Reha-Offerte riichten sech, jee no der Rehaklinik, un jonk Patiente mat Kriibserkrankungen, a säit e puer Joren och mat Häerzerkrankungen a Mukoviszidos.

Conception graphique - DEBORAH REGO - T1DG

Lycée des Arts et Métiers